LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 AVR. 2018

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 16 AVR. 2018

Objet : Question parlementaire n° 3689 du 12 mars 2018 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Etienne SCHNEIDER

Adresse bureaux
19-21, bvd Royal
L-2449 Luxembourg

Adresse postale
B.P 219
L-2012 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

secretariat@msi.etat.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

Réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure Etienne SCHNEIDER à la question parlementaire n°3689 du 12 mars 2018 de l'honorable Député Fernand KARTHEISER

Et muss een vun vir eran erwänen dass den volontaire de police engem speziellen Statut ënnerläit deen am Règlement grand-ducal vum 27. Abrëll 2007 «déterminant les conditions de recrutement, d'instruction et d'avancement du personnel policier» ënnert dem Titel 3 : « Le statut et l'indemnité des volontaires de police » beschriwwen ass.

**Ad 1.**

Den Moment leien nach keng definitiv Zuelen vir, wéivill Stonnen vun den volontaires de police am Laf vun hirem éischten Schouljoer gemaach goufen an déi iwwert déi reng Schoulstonnen eraus ginn. D'Direction générale vun der Police huet op der Polizeischoul gefrot dass individuell Relevéen opgestallt ginn.

**Ad 2.**

Den Artikel 62 vum virgenannten Reglement, seet datt den «*volontaire de police est astreint à un service de garde à prester dans les locaux de l'Ecole de Police. Le volontaire de police est tenu de faire preuve de disponibilité. En cas de nécessité avérée, il peut être rappelé à l'Ecole de Police* ».

D'Polizeiausbildung geet also iwwert eng reng klassesch schoulesch Ausbildung eraus. Dofir sinn souwuel den Service de Garde op der Polizeischoul, wéi och déi Stonnen déi am Kader vun den Spezial Déngschter geleescht ginn (et handelt sech haaptsächlech em grouss Evenementer, wéi z.B. den ING Marathon, representativ Missiounen, Eirendetachementer am Kader vun Statsvisiten, Paraden am Kader vun Nationalfeierdag) en Deel vun der Ausbildung zum Polizist, fir den Volontaire de Police op seng zukünfteg Missiounen virzebereeden.

**Ad 3.**

Am Kader vum aktuellen Statut vum volontaire de police, ginn déi Stonnen déi am Kader vun den Spezial Déngschter geleescht ginn kompenséiert duerch "dispenses de service" vun 1 oder méi Stonnen bis hin zu ganzen Deeg (z.B.: "Bréckendeeg").

Stonnen, déi aus dem "service de garde" op der Polizeischoul entstinn, an déi laut dem Artikel 62 vum vir genannten Reglement eng statutaresch Obligatioun fir d'Polizeischüler am Kader vun hirer Ausbildung sinn, gehéieren zu hirem speziellen Statut, wéi och déi aner Rechter a Flichten. Zu hiren Rechter gehéiert z.B. och den régime particulier vum congé compensatoire vun 8 Deeg, wéi all vereedegten Polizist en zegutt huet.

D'volontaires de police hunn eng gerecht Rémunératioun fir all hir Aarbecht verdéngt. Dofir ass och proposéiert fir am Kader vun der Reform vun der Police den Statut vun den Polizeischüler un deen vum fonctionnaire-stagiaire unzepassen mat deenen dozougehéieregen Rechter a Flichten. An deem Sënn ass en Amendement zum Projet de loi 7045 iwwert d'Polizeireform gemaach ginn fir dass d'Stagiairen vun der Police an Zukunft och an der Rémunératioun un den fonctionnaire stagiaire ugepasst ginn.

Et ginn och Iwwerleeungen gemaach, fir deenen volontaires de Police, wou no der individueller Ofrechnung nach en Excédent bestoen bleift, entgéint ze kommen. Aktuell Pisten kéinten do eventuell den zukënftegen Compte Epargne Temps oder eng Kompensatioun sinn.